

WIEL FIR ALL KAND

Walen 2023 – Luxembourg



Loosst eis bei dëse Walen
de Kanner eng Stëmm ginn. **Fir hir Zukunft.**



**Net all Kand
ka säi Potenzial
an der Schoul
entwéckelen**



**Kanner a Jonker
maache sech vill
Gedanken ëm hir
mental Gesondheet**



**Kanner a Jonker
sinn ëmmer méi
Gewalt ausgesat**












**Ëmmer méi Jonker
hunn Angscht
virum Klimawandel**

Et ware keng einfach Joren.

Mee UNICEF Lëtzebuerg setzt sech fir eng Zukunft an, wou all Kand an all Jonken e Recht huet op:
Wuelbefannen | Protectioun | Umwelt- a Klimaschutz | Bildung | Participatioun | Chancegläichheet

Mir fuerderen eis nächst Regierung op,
folgend Mesuren fir all Kand ze huelen...

-  Eng besser Koordinatioun vun de Kannerrechter
-  Déi therapeutesch a psychiatresch Offer fir Kanner stäerken
-  D'Urgence vum Klimawandel an de Schoulprogramm integréieren
-  Schoulmobbing méi effektiv bekämpfen
-  Géint schoulesch Ongläichheeten virgoen
-  Géint Ongläichheet a Kannerarmut kämpfen
-  De Placement vu Migrantekanner am Retentiouns-zenter ofschafen
-  Permanent Participatiouns-mechanismen opbauen
-  E Prozentsaz vum Betrag, dee fir „öffentlech Entwécklungshëllef“ benotzt gëtt, fir Kanner op d'Säit setzen